ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Bausseminister Jean Asselborn däerfen ze stellen.

Déi tierkesch Zeitung Hürriyet mellt, datt méi wéi 9.000 tierkesch Staatsbierger hir Stëmm op der tierkescher Ambassade zu Lëtzebuerg ofginn hätten. Well awer nëmme 571 wahlberechtegt tierkesch Bierger zu Lëtzebuerg registréiert wären, kéim déi héich Zuel doduerch zustan, datt Tierken aus de Nopeschregiounen op Lëtzebuerg wiele komm wären.

No Artikel 7 vun der Wiener Konsularrechtskonventioun vun 1963 ass dat problematesch. Et géing bedéngen, datt d'"circonscription consulaire" vun de konsularesche Funktioune vun der tierkescher Ambassade zu Lëtzebuerg mam Accord vu Lëtzebuerg an deene betraffene Staaten ausgedehnt gi wär, an dat no enger formeller Notifikatioun duerch déi tierkesch Ambassade.

Hei ass den Artikel 7 vun der Wiener Konsularrechtskonventioun vun 1963:

EXERCICE DE FONCTIONS CONSULAIRES DANS UN ETAT TIERS

L'Etat d'envoi peut, après notification aux Etats intéressés, et à moins que l'un d'eux ne s'y oppose expressément, charger un poste consulaire établi dans un Etat d'assumer l'exercice de fonctions consulaires dans un autre Etat."

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Huet déi lëtzebuergesch Regierung Erkenntnisser doriwwer, wéivill tierkesch Staatsbierger zu Lëtzebuerg ofgestëmmt hunn a vu wou déi Leit koumen?

2. Huet déi tierkesch Ambassade eng Notifikatioun no Art. 7 vun der Konsularrechtskonventioun offiziell virgeholl a, wa jo, wéini an a wéi enger Form?
3. Wéi huet Lëtzebuerg dorop reagéiert?
4. Wéi hunn eis concernéiert Nopeschstaaten dorop reagéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten